N°3270
Entrée le 12.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N°3270 vum 28. November 2025 vun dem honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "GridX".

Wéi vill Quadratmeter Baufläch (versigelt Fläch) ëmfaasst de Projet GridX ?

Laut PAP, kann um Terrain vum Projet GridX eng Fläch vu maximal 4,2 Hektar (42.000 Quadratmeter) versigelt ginn.

Den Inneministère verfüügt allerdéngs net iwwert d'Baugeneemegungspläng (déi huet Gemeng), sou datt e keng genau Ausso maache kann iwwert déi effektiv versigelt Fläch, déi manner héich kann si wéi déi maximal ernimmte Fläch.

Wéi vill Quadratmeter Baufläch (versigelt Fläch) hat den ofgeleente Projet vum Grupp Rollinger ëmfaasst?

Den Projet vum Grupp Rollinger baséiert op engem PAP deen d'Versigelung vun enger Fläch vun ongeféier 2.5 Hektar (25.000 Quadratmeter) erméiglecht huet.

Och fir dëse Projet verfüügt den Inneministère net iwwert d'Baugeneemegungspläng (déi huet Gemeng).

Lëtzebuerg, den 12. Dezember 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden